



Association du Personnel du Centre et des Services psycho-sociaux et d'accompagnement scolaires (APPSAS). Association sans but lucratif. Agréée comme représentation du personnel des SePAS et du CePAS.



Syndicat du personnel de l'Éducation nationale œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves à besoins éducatifs spécifiques

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2021

## **Tâchendiskussioun fir d'EPS-Personal am Enseignement Fondamental, Secondaire an an de Kompetenzzentren**

E Freideg, 16. Juli koum et zu enger weiderer Entrevue tëscht dem Educationnsminister Claude Meisch an de 5 Gewerkschaften ALEE/CGFP, APCCA/SEW/OGBL, APPSAS, SLEG/CGFP a SPEBS/CGFP betreffend der Tâchendiskussioun vum edukativen a psycho-soziale Personal (EPS) mat engem administrativen Aarbechskader am Enseignement.

An de leschte Méint hunn déi 5 Gewerkschaften a Verrieder vum Ministère e Referentiel mat den aktuelle Funktiounen a Missiounen vum EPS-Personal an de verschiddene Schoulstrukturen erstallt.

D'Gewerkschaften hu gefuerdert, dass dëse Referentiel an enger zweeter Etapp, an der et dann endlech ëm d'Tâchendiskussioun goe wäert, onbedéngt mat de Revendicatiounen vum Oktober 2020 misst an Einklang bruecht ginn. Well d'Realitéit, esou ewéi d'Komplexitéit vun der Aarbecht an de Schoulen, Lycéen a Kompetenzzentren sech zënter 2009 wesentlech verännert a vervillfältegt hunn, missten déi nei doduerch entstanen zousätzlech Missiounen dann och berécksiichtegt an agerechent ginn. Dobäi misst op der Basis vum aktuelle Règlement grand-ducal aus dem Enseignement fondamental vun 2009 der aktueller Réalitéit Rechnung gedroe ginn an ee legale Kader geschafe ginn, deen den aktuellen Ufuerderungen entsprécht an eng qualitativ gutt Aarbecht am Sënn vun alle Schüler a Schülerinnen erméiglecht.

De Minister Meisch huet d'Erstelle vun engem Referentiel vun den aktuelle Funktiounen a Missiounen vum EPS Personal am ganze Schoulsystem begréisst. An de kommende Wochen géif de Ministère sech mat de Revendicatiounen vun den Syndikater a Personalrepresentatiounen auserneesetzen an an der nächster Reunioun, déi fir den 10. September 2021 ugesat gouf, de Gewerkschaften hir Propose fir d'EPS Personal aus den ESEBen am Fondamental an am Secondaire a fir d'EPS Personal an de Kompetenzzentren matdeelen. An enger weiderer festgehalener Reunioun den 21. September 2021 géif de Gewerkschaften dann dem Minister seng Propose fir d'EPS Personal aus de SePASen an den SSEn aus dem Secondaire virgestallt ginn.

Béid Säiten hunn ënnerstrach, dass se ee Kader wëllen, deen eng qualitativ Prise en charge vun alle Schüler a Schülerinne garantéiert, an et gouf an dësem Sënn vun alle Säiten de Wonsch geäussert, dass dës Diskussiounen elo zu engem séieren Ofschluss kommen sollten.

**MATGEDEELT VUN ALEE/CGFP, APCCA/SEW/OGBL, APPSAS, SLEG/CGFP a SPEBS/CGFP**